Association Nationale des Infirmières
et Infirmiers du Luxembourg (ANIL)
7, rue Thomas Edison
L-1445 Strassen

# Rapport d'activité 2018

## Analyse, Strategie, Weiderentwecklung

Auteur: Anne-Marie Hanff, Secrétaire Générale de l'ANIL

# Inhalt


**Le Conseil d'Administration 2018 et ses fonctions** 2

**Strategiedag** 4
- Visioun 4
- Analyse vun der aktueller Situatioun 4
- Zukunft 4

**Réunions CA** 5

**Memberszuelen** 5

**Finanzen** 8

**Ëffentlechkeetsarbescht** 9
- ANIL News 9
- Facebook 9
  - Wéi eng Beiträg sinn erfollegräich? 10
  - Vernetzung mat de Memberen 11
  - Ausbleck 11
- Site internet 12

**Commissions et groupes de travail** 12
- Association Luxembourgeoise de Gérontologie-Gériatrie (ALGG) 12
- Café de l'infirmière 13
- CNS nomenclature infirmière 13
- CNS lettre clé infirmière 13
- Commission Nationale pour les Programmes des Professions de Santé (CNPPS) 13
- Congrès National Infirmier 13
- Conseil de Discipline pour le CSCPS 13
- Conseil Supérieur de Certaines Professions de Santé (CSCPS) 13
- Formation Continue 14
- Groupe de travail MiSa 14
- Plan national de la lutte anti-tabac 15
- Plan national des maladies cardio-neuro-vasculaires 15
- Représentant international 15

## Le Conseil d'Administration 2018 et ses fonctions

| **Prénom, Nom** | **Fonctions ANIL** | **Fonctions supplémentaires** |
|---|---|---|
| Mme Michèle Halsdorf | Présidente | • Relecture ANIL News<br>• CNS nomenclature infirmière (membre suppléante) |
| Mme Marie-France Liefgen | Vice Présidente | • Conseil Supérieur de Certaines Professions de Santé (membre suppléante)<br>• European Federation of Nurses Associations (représentante internationale)<br>• Relecture ANIL News<br>• Groupe de travail au Ministère de la Santé:<br>    • Attributions de l'infirmière<br>    • Exercice de la profession,<br>    • Questions juridiques,<br>    • Législation |
| Mme Anne-Marie Hanff | Secrétaire Générale | • Comité de pilotage du plan national maladies cardio-neuro-vasculaires (membre effectif)<br>• Commission Nationale pour les Programmes des Professions de Santé<br>• Relations publiques (responsable)<br>• European Federation of Nurses Associations (représentante internationale suppléante)<br>• Site internet (responsable) |

| | | |
|---|---|---|
| | | • Association Luxembourgeoise de Gérontologie-Gériatrie (représentante de l'ANIL)<br>• Site Facebook (responsable)<br>• Conseil de Discipline pour le CSCPS (membre effectif) |
| Mme Danielle Meyer | Trésorière | • CNS nomenclature infirmière (membre effectif)<br>• CNS lettre clé infirmière (membre effectif) |
| M. Christian Meyer | Membre CA | • Conseil Supérieur de Certaines Professions de Santé (membre effectif)<br>• Congrès National Infirmier (organisateur) |
| Mme Elisabete Nobrega | Membre CA | • ANIL News (responsable)<br>• CNS nomenclature infirmière (membre suppléante) |
| Mme Nadine Schartz | Membre CA | |
| Mme Nicole Weis-Liefgen | Membre CA | • European Federation of Nurses Associations (représentante internationale suppléante)<br>• Groupe de travail au Ministère de la Santé:<br>  ◦ Attributions de l'infirmière<br>  ◦ Exercice de la profession,<br>  ◦ Questions juridiques,<br>  ◦ Législation |
| Mme Régine Risch | Membre CA | • Comité de pilotage de la lutte anti-tabac (membre effectif) |
| M. Stefan Raskop | Membre CA | • Association Luxembourgeoise de Gérontologie-Gériatrie |

| | | |
|---|---|---|
| | | (représentant suppléant de l'ANIL) |
| Mme Tina Koch | Membre CA | |
| Mme Monique Mesquita | Membre cooptée CA | |
| Mme Rita Velazquez | Secrétaire administrative | |

## Strategiedag

Den 2ten Juni 2018 huet den Verwaltungsrot vun der ANIL sech mat der Presidentin vum Schwäizer Beruffsverband zesummegesat fir un hirer Strategie fir déi kommend Joren ze schaffen. Och dobäi war d'Michèle Wolter vum Gesondheetsministère (MiSa) mam Ziel si an eis Pläng ze involvéieren an d'Zesummenaarbecht mam MiSa ze verbesseren.
Folgend Visioun gouf entwéckelt:

***Visioun***

D'ANIL. D'STËMM VUN DER FLEEG AN DER GESELLSCHAFT AN POLITIK!
D'ANIL ass aus Diskussiounen an Entscheedunge vum Fleegeberuf net méi ewechzedenken an hellt selbstverständlech dorunner deel.
D'ANIL seet dat Richtegt op der richteger Platz.

***Analyse vun der aktueller Situatioun***

Als wichteg intern Stäerkt hunn sech d'Gemeinsamkeet an d'Astellung vun enger Mataarbechterin zu 8 Stonnen/ Woch erauskristalliséiert. Schéi Momenter zesummen an eng gutt Ambiance motivéieren d'Membere vum CA fir sech an hirer Fräizäit volontaire zesummenzesetzen. Als intern Schwächt goufen d'feelend Ressourcen, d'Ineffizienz an d'Zréckhalung genannt.

***Zukunft***

An Zukunft sollen doweint mei d'Kompetenze vun de Memberen, déi sech abrenge wellen, niderschwelleg agesaat ginn. Struktur schafft d'Iwerschaffung vum Ordre interne. D'Tätegkeet vum Zentralsekretariat muss analyseiert a mei effizient

gestaltet ginn. Ziel wier d'Anstellung vun enger Matarbeschterin an enger Vollzäitstell. Och soll d'Zesummenarbescht mam MiSa an anere wichtege Stakeholder verbessert ginn. D'Fleeg soll iwert sech selwer bestemme kennen. Dowéint schengt et wichteg d'Infirmièren an Infirmieren, déi sech politesch abrenge wellen ze fuerderen. Fir dass d'ANIL hier Visioun emsetze kann, muss si mei Visibilitéit erhalen. Dest waert eng Prioritéit an der nächster Zäit duerstellen. Opgepasst gi muss dobäi op d'Risiken ze haart ze ginn an net méi gehéiert, eeschtgeholl ze ginn. De Burnout vum CA stellt och en eescht ze huelende Risiko duer.
Dobäi léist sech d'ANIL vun de folgende Stäerkten, Wäerter a Chancë leeden:


- Wir verfügen über eine einzigartige Kompetenz und Expertise im Bereich der Pflegeprofession und setzen diese mit beratender Funktion ein!
- Wir haben einen vorausschauenden Überblick mit Verantwortung in allen Krankheits- und Gesundheitsaspekten!
- Wir übernehmen eine leitende Funktion in der Definition der Rolle der Pflege!
- Wir vertreten gemeinsam (in Zusammenarbeit mit anderen pflegerelevanten Berufen, der Wissenschaft und dem Management) eine Diversität an Missionen, sind innovativ und kreativ!
- Wir sind der einzige, repräsentative Berufsverband für die allgemeinen Pflegeberufe in Luxemburg, und das mit Ausdauer!
- Wir sind dabei eine politisch und gewerkschaftlich neutrale non-profit Organisation!
- Wir sind offizieller Vertragspartner (CNS) und Fortbildungsorgan!
- Wir sind international verankert!
- Too much Information, kills the information. Weniger ist mehr!


## Réunions CA


2018 huet den Conseil d'Administration (C.A.) insgesamt 7 C.A.-Reuniounen organiséiert.

## Memberszuelen

Insgesamt zielt d'ANIL Enn 2018 757 Memberen, dovunner 12 Membres d'honneurs, an 30 Membres Junior. Enn 2017 waren et 754 Memberen.


QUALITE MEMBRE ANIL
7; 1%
12; 2%
30; 4%
41; 5%
666; 88%
MEMBRES ACTIFS
MEMBRES PASSIFS
MEMBRES JUNIORS
MEMBRES HONNEURS
MEMBRES AUTRES


VERSICHERTENSTATUS
368; 49%
389; 51%
MEMRES AVEC ASSURANCE
MEMBRES SANS ASSURANCE


PAY DE RESIDENCE
26; 3%
32; 4%
29; 4%
670; 89%
LUXEMBOURG
FRANCE
BELGIQUE
ALLEMAGNE

Den Alter vun den neien Memberen reecht vun 20 bis 48 Joer (Duerchschnëtt 29.5 Joer). 9% hunn eng Funktioun vun enger Infirmière mat Spezialisatioun.
24% sinn duerch Frënn an Bekannter op d'ANIL opmierksam ginn, 33% duerch d'Ausbildung, 6% duerch eng Publikatioun, 3% duerch Facebook, 3% duerch d'Aarbechtsplaz, an 18% aneschters.
6 vun den 33 Persounen sinn interesséiert bei der ANIL an folgenden Beräicher matzeschaffen:

- Rechte der Arbeitnehmer gegenüber dem Arbeitgeber bei Krankheitsfall, santé au travail,
- Management de la santé, santé publique,
- Gestion des risques, qualité,
- Gériatrie,
- Plaies et pansements, Wundexpertin,
- Soins au domicile,
- Nurse coach training,
- Diabétologie.

Eng wonnerbar Ressource un Kompetenzen déi genotzt well an muss ginn.

## Finanzen

Am Joer 2018 konnt d'ANIL 33 nei Memberen, dovunner 5 Memberes Junior dobäi gewannen. Am Joer 2017 sinn 32 Memberen, dovunner 14 Membres Junior, an d'ANIL bäigetrueden.
Am Joer 2018 huet d'ANIL insgesamt 49.457€ Recetten a 32.191€ Depensen. 71% (34.979€) am Verglach zu 89% am Virjoer vun de Recettë sinn duerch Memberskaarten. De Rescht Subsiden, d'Formatioun continue an d'ANIL News.
59% (18977€) vun den Depensen entstinn duerch d' "Frais salaires" fir d'Secrétaire an d'Deleguée du C.A., 13% (4134€) duerch d'Beiträg bei internationalen Associatiounen 8% (2651€) duerch "Frais de Bureau", an déi rechtlech Fraise sinn ënner anerem duerch den Internetsite an Telefons- souwéi Internetfraisen, Ëffentlechkeetsaarbecht, an d'Assurance entstanen.
Am Verglach vum Joer 2016 (100.833€) an 2017 (96.299€) verfüügt d'ANIL Enn 2018 iwwert en Kapital vu 117.290€.

## Ëffentlechkeetsarbescht

Anbei eng Oplëschtung vun den Aktivitéiten fir d'Visibilitéit vun der ANIL an dem Infirmiers-Beruf zu Lëtzebuerg ze verbesseren. Weider Informatiounen sinn um Internet-Site am Dossier "Visibilité" ze fannen.

- 19/10/2018: Carte Blanche zum Thema Fleeg: Rentree fir d'Politik
- 12/10/2018: Deel 2 vum Interview mam 100.7 zu de Fuerderungen vun der ANIL (ab Min. 4:15)
- 11/10/2018: Deel 1 vum Interview mam 100.7 zu de Walprogrammer an de Fuerderungen vun den ANIL (ab Min. 04:00)
- 17/09/2018: Carte Blanche zum Thema Fleeg: Fleeg am Walkampf
- 26/06/2018: Interview mam Wort-FR zur Infirmiers-/Infirmières-Professioun zu Lëtzebuerg
- 16/05/2018: Carte Blanche zum Thema Fleeg: De Beruff vun der Infirmière
- 13/05/2018: Interview mam Lëtzebuerger Journal zur Fleegepolitik zu Lëtzebuerg
- 12/05/2018: Infirmiers' Dag 2018
- 09/05/2018: Stand op der Conférence Nationale de la Santé vum Ministère de la Santé
- 20/04/2018: Vertrieden vum Beruff op der Journée de l'orientation "Zoom Day" vum Lënster Lycée

### *ANIL News*

Och 2018 gouf d'ANIL News dräi mol veröffentlecht an de Memberen heem geschéckt. Zousätzlech goufen se de StudentInnen an interesséierte Persounen op Informatiounsveranstaltungen zur Verfügung gestallt.

### *Facebook*

D'Gesamtzuel vu Persounen deenen d'ANIL-Facebook-Säit gefält ass vu 654 (31.12.2017) op 1089 (31.12.2018) geklommen.





*Abb.2: Gesamtunzuel Facebook-Fans Januar - Dezember 2018*

Am Verglach zu aneren nationale Gruppen déi a gläichen oder ähnleche Secteuren aktiv sinn, situéiert sech d'ANIL-Grupp op der 5ter Platz:

| | | |
|---|---|---|
| 1 | Centre Hospitalier Luxembourg (CHL) | 8.800 Fans |
| 2 | OGBL Syndicat Santé, Services sociaux et éducatifs | 5.000 Fans |
| 3 | Hôpitaux Robert Schuman | 1.800 Fans |
| 4 | Omega 90 | 1.800 Fans |
| **5** | **ANIL** | **1.100 Fans** |
| 6 | Aliar | 311 Fans |
| 7 | Centre Hospitalier Emile Mayrisch (CHEM) | 264 Fans |
| 8 | ALIP | 211 Fans |
| 9 | ALIL | 180 Fans |
| 10 | ALIPS | 34 Fans |

*Tab.2: Ranking Facebook 2018*

### Wéi eng Beiträg sinn erfollegräich?

Folgend Ofbildung weist d'Gesamträichwäit vun der ANIL-Säit am joer 2018 d.h. sou ville Persoune goufen d'Aktivitéiten op der ANIL-Facebooksäit bereet gestallt.

D'Grafik wéisst eng erhéichten Gesamträichwäit fir den Infirmiers' Dag. Och ass den Impact vun der verbesserter Visibilitéit vun erfollegräichen Beiträg duerch Werbemoossnahmen siichtbar.





*Abb.3: Gesamträichwäit 2018*

Am Joer 2017 goufen em déi 125 Beiträg online gesat. Den erfollegräichste Beitrag war d'Carte Blanche "De Beruff vun der Infirmière". Dëse Beitrag huet insgesamt 12.000 Leit erreecht. E krut 255 Reaktiounen, 10 Kommentaren an ass 72 mol gedeelt ginn. Zum Vergläich: Den erfollegräichste Beitrag vun 2017 huet 9.200 Persounen erreecht.

## Vernetzung mat de Memberen

Niewent de Kommentaren ënnert de Beiträg, hunn am Joer 2017 sech 7 Membere per Facebook-Privatnooriicht un d'ANIL gewannt. Mailen ënner anerem zu folgenden Theme goufen traitéiert: Assurance, Droit d'exercer, Ufroen zu Ofschlossaarbechten, ...

## Ausbleck

Aner Säite kréien ënner anerem vill Opmierksamkeet duerch Stellenausschreiwungen. Et stellt sech weiderhin d'Fro, ob d'ANIL als Beruffsverband e Service un seng Membere kéint leeschten, andeems se déi aktuell Stellen an der Fleeg an engem Beräich vun der Homepage verëffentlechen an op Facebook verlinken. D'Stelle kéinten duerch d'Institutiounen zougeschéckt ginn.

Insgesamt schéngt et weiderhi sënnvoll déi ugewannte Richtlinnen ze verschrëftlechen, d.h. wéi eng Beiträg op der Homepage an op der Facebooksäit gedeelt ginn a wéi eng net.
D'Beiträg ginn an der Sprooch verfaasst an der de Link, Text, … ass.
D'ANIL als Stemm vun der Fleeg zu Lëtzebuerg huet hier Memberen iwwert déi politesch Aktivitéiten am Wahlkampf au Courant gehalen. Interessant Informatioune bidde konnt d'ANIL de Memberen duerch d'Veröffentlechung vun den Äntwerten op d'Froen, déi si de KandidatInne gestallt hunn.

### *Site internet*

Um Internetsite goufen 2018 39 **News-Einträg** veröffentlecht. D'Dossiere goufen erweidert a stellen de Memberen Dokumenter zu folgenden Theme bereet: Assurance dépendance; Communications CII (ICN), EFN, WHO; Formation; Réponses aux questions parlementaires; Stellenschlessel; Visibilité. Dossiers zum Spidolsplang, Infirmière de pratique avancée, Fleegefuerschung/ -wessenschaft/ Evidence-based Nursing sinn a Virbereedung.
Insgesamt 10642 Persounen hunn op d'Interviewe mat de WahlkandidatInnen zougegraff.
Ronn 66 Persounen hunn sech iwwert den Internetsite fir den **elektroneschen ANIL Newsletter** ageschriwwen, deen zousätzlech zur ANIL News d'Memberen iwwert aktuell Themen au Courant hält.
Fir 2019 plangt d'ANIL de Site méi als Server fir d'ANIL-Dokumenter ze notzen. En Passwuert-geschützte Beräich soll exklusiv Informatioune fir eis Membere bereetstellen. Och sollen d'FAQ online geschalt ginn, en Beräich wou mir d'Ufroe vun de Memberen an eis Äntwerte publizéieren. D'Adresse vun der Langzäitfleeg souwéi den ambulante Fleegedéngschter si schwéier um neiste Stand ze halen. Evtl. gëtt 2019 dee Beräich méi mat der COPAS verlinkt.

## Commissions et groupes de travail

### *Association Luxembourgeoise de Gérontologie-Gériatrie (ALGG)*

De Membre Effectif huet un de Sëtzunge vum Verwaltungsrot vun der ALGG deelgeholl. Enner anerem konnt doduerch déi fleegewëssenschaftlech Oratrice (Prof. Dr. Ulrike Höhmann) op déi 33st Journée des Gerontologie invitéiert ginn.

***Café de l'infirmière***

Den 13ten März huet d'ANIL e Café de l'Infirmière organiséiert zum Thema "Delir". Dëse gouf konkret genotzt fir mat de Participanten de Phenomen selwer souwéi den Ëmgang zu Lëtzebuerg ze diskutéieren. En kuerze Rapport gouf um ANIL-Site veréffentlecht.

***CNS nomenclature infirmière***

Am Joer 2018 goufe keng Verhandlungen zur "Nomenclature" gefouert.

***CNS lettre clé infirmière***

De 25.10.2018 goufen Negociatiounen teschend der CNS an der COPAS souwéi ANIL gefouert. D'Valeur fir de Stellenschlessen fir 2019-2020 gouf op 0.75189 (Indice 100) festgeluecht. Dëst entsprécht enger maximaler Erhéigung vun 1.63%.

***Commission Nationale pour les Programmes des Professions de Santé (CNPPS)***

D'CNPPS huet sech 2018 zwee mol getraff. Theme waren d'Sprooche wärend der Formatioun an d'Attraktivitéit vum Beruff bei deene Jonken. Problemer sinn dass et fir Schnupperstagen un Platze feelt. Och sinn déi jonk Schüler net richteg encadréiert. Propose sinn eng "journée de santé" ze organiséieren an en Decalage vun de Stagezäiten.

***Congrès National Infirmier***

2018 huet d'ANIL kee Kongress organiséiert fir der Vertriedung vun der Fleeg am Wahlkampf genuch Opmierksamkeet kennen ze schenken.

***Conseil de Discipline pour le CSCPS***

D'Vertrieder vun der ANIL am Conseil de Discipline goufen am Joer 2018 net geruff.

***Conseil Supérieur de Certaines Professions de Santé (CSCPS)***

D'Vertrieder vun der ANIL hunn sech am Joer 2018 ënner anerem a folgenden Themen agesat:

- Avis juridique zur Fixatioun: D'Problematik wat Contentioun an den Attributioune vun der Infirmière ugeet, mat oder ouni Ordonnance, sinn diskutéiert gi. Bei enger Infirmière psychiatrique sti Contentiounen an hiren

Attributiounen dran, dëst ass bei der Infirmière net esou. Doduerch besteet eng onkloer Lach dozou, ob eng Infirmière duerf ee Mënsch fixéieren, oder net. Dëst ass als Fro un d'Ministesch Mme Mutsch erausgaangen (Januar 2018). Am September ass dunn eng Question parlementaire diesbezüglech gestallt ginn. D'Äntwert war relativ onkloer, soudass de CSCPS dunn an engem Bréif un d'Ministesch drop reagéiert huet mat Appui vum Maître Schiltz.

- Iwwerschaffe vum 92 Gesetz ass an Aarbechtsgruppen: Laut der Mme Marochi, Jurist vum MISA soll dëst Gesetz no de Walen iwwerschafft ginn.
- Iwwerschaffe vum Code de déontologie
- Entrevue mam LTPS wéinst der Penurie vun de Gesondheetsberuffler um Terrain
- Iwwerschaffe vun den Attributioune vum Infirmier an Zesummenaarbecht mam Gesondheetsministère.

### *Formation Continue*

2018 huet d'ANIL op Ufro vun hire Memberen d'Journée des bonnes pratiques organiséiert. An Zesummenaarbecht mam RBS gouf d'Formatioun zur Fleegedokumentatioun ugebueden. Theme vun Inhouse-Schoulunge ware Fleegedokumentatioun a Legislatioun zu Lëtzebuerg. Gär wëlle mir dem Yvonne Kremer villmools Merci fir seng Disponibilitéiten an déi gutt Zesummenaarbecht soen. Och wëlle mir dem CHL Merci soe fir d'Collaboratioun am Kader vun der Journée des bonnes pratiques.
Op Grond vum héije Ressourcëveverbrauch an enger anerer Prioritéitensetzung, huet d'ANIL 2018 keng weider Formatiounen ugebueden. Fir 2019 kennen d'Datebank mat Formateure souwéi potentielle Cliente weider ausgeschafft ginn. Konkret Kriterie fir Formateure sollen ausgeschafft ginn. Och wier et Iwwerleeung wäert sech aus Ressourcengrenn fir den Ament op Formatioun Continue als "Inhouse-Schulung" ze konzentréieren.

### *Groupe de travail MiSa*

Un engem Treffe mat der Ministesch gouf fir d'Representatioun vun den Infirmièren um Gesondheetsministère plädéiert. Als konkret Propose goufen dräi Temps-Pleint-Poste genannt. Och gouf sech fir eng obligatoresch Formation continue vun Infirmièren aus de Länner déi net der EU Norm vun der Formatioun

entspriechen. Et wier en Wonsch den Droit d'exercer un dës Formatioun ze koppelen. En Programm dozou gouf ausgeschafft.
Am Aarbechtsgrupp um Gesondheetsministère goufen 2018 sechs Reuniounen organiséiert. An deene 6 Reunioune gouf eng Propose fir nei Gesetzestexter ausgeschafft. Wichteg war dobäi en esou ze verfaassen, dass d'Infirmière de pratique avancée hier Platz fënnt.

***Plan national de la lutte anti-tabac***

Am Comité de pilotage gouf konkret un der Rolle vun der Infirmière/ dem Infirmier am Sevrage Tabagique geschafft. Thema war och wei déi Kompetenze vun de Professionellen, déi en “diplôme universitaire” ofgeschloss hunn praktesch a gesetzlech souwéi tariflech unerkannt kenne ginn.

***Plan national des maladies cardio-neuro-vasculaires***

D'ANIL ass am “Comité de pilotage” vertrueden a setzt sech dofir an, dass d'Fleeg hire Standpunkt an den Aarbechtsgruppe vertriede kann. Dat éischt Treffe gouf am September organiséiert. 2018 huet de Comité de pilotage sech dräi mol getraff.

***Représentant international***

Opgrond vu beruffleche Verflichtunge konnt och 2018 kee vun den zwee Representanten un internationalen Treffe vun der EFN deelhuelen. Et wier allerdéngs sënnvoll sech als ANIL un der “Nursing Now” Campagne ze bedeelegen.